ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 08/07/2025

Rapport vun der Jugendkommissioun

Kommissioun (10.06.2025)

Presenzen

Present	Net present
Noah Edert (online)	Frank Conrad (entschëllegt)
Lara Georges	Samantha Fernandez (entschëllegt)
Lynn Mangen	Jordan Pires (entschëllegt)
Marie Sadler	
Leo Toum (online)	
Rosie Brandenburger	
Jyll Duschinger	
Aloyse Kieffer	

1. Präsentatioun vum Konzept SAMO vun der Mme Kina Thill

- D'Madame Kina Thill huet sech selwer an hiert Konzept SAMO der Jugendkommissioun präsentéiert:
  - SaMo bitt Aktivitéiten/ Atelier zum Thema Natur, Beweegung an Ernärung un.
  - Zilpublikum vun den Aktivitéite si Kanner (ab 4 Joer), Jugendlecher an Erwuessener.
  - De Büro vu SaMo befënnt sech zu Béiwen.
  - Fir d'Aktivitéite kann een sech iwwert den Internetsite (www.samo.lu) umellen. Do fënnt een dann och weider Detailer zu den Aktivitéite sëlwer (Datum, Preis, asw.).
  - D'Aktivitéite fannen zu Téinten statt.
- De Wonsch vun der Mme Thill ass et fir méi Visibilitéit an der Gemeng ze kréien an dass d'Jugendkommissioun eventuell Atelier fir d'Kanner aus der Gemeng buchen an dann iwwert SAMO ubidde géing.
- Mir diskutéieren iwwert de Projet a sinn zum follgenden Entschloss komm:

Helperknapp, 08/07/2025

- Mir begréissen awer d'Konzept SaMo a fannen dat eng gutt Iddi.
- Mir fannen et delikat als Jugendkommissioun a soumat Gemeng Publicitéit fir eng privat Firma ze maachen.
- D'Iddi ass opkomm, fir dass d'Aktivitéite vum Projet SaMo am Kader vun de Schnupperkursen vun der Sportkommissioun ugebuede kéinten ginn.
- **D'Fro un de Gemengenroot:** Wéi ee Budget géif do a Fro kommen ?

2. Feedback Jugendhaus Bissen (Ouschtervakanz 2025)

- An der Ouschtervakanz goufen Navetten organiséiert déi, déi d'Jugendlecher aus der Gemeng Helperknapp notze konnte fir an d'Biisser Jugendhaus ze fueren.
- D'Lynn Mangen deelt der Jugendkommissioun de Feedback mat:
- Mat de Busnavetten ass kee Jugendleche matgefuer.
  - Dräi Eltere sinn op de Busarrêt vun de Busnavette komm fir matzedeelen, dass si de Projet positiv begréisse géingen.
  - D'Biisser Jugendhaus huet sëlwer mat der Problematik ze kämpfe fir d'Jugendlecher ze rekrutéieren.
- D'Biisser Jugendhaus geet zweemol an der Woch an d'Maison Relais a bitt de Jugendlechen Aktivitéiten un.
- De Leader ass um Ausschaffe vum Konzept "Jugendbus". Et handelt sech heibäi em ee Bus deen duerch d'Gemenge fiert fir de Jugendlechen den Transport bis an d'Jugendhaiser unzebidden.
- Mir halen fest, dass mir an Zukunft keng weider Navette wäerten organiséieren.

3. Open Air Kino 2025

- Déi follgend Filmer ginn um Open Air Kino vu Sunset Cinema gewisen:
  - Freides, 12.09.25 : Kanner – Ariel (DE)
  - Samsdes, 13.09.25 : Erwuessener – Topgun (EN an DE Ënnertitel)
- D'Lynn Mangen këmmert sech em de Flyer fir den Open Air Kino.
- De Flyer vum Open Air Kino soll am Zäitraum vum 28.07-10.08 ausgedeelt ginn. D'Lynn Mangen léisst d'Flyere bei der Gemeng printen. D'Membere vun der Jugendkommissioun sollen sech beim Lynn Mangen melle fir d'Flyeren ze kréien.
- D'Lynn Mangen freet no op de Flyer nach am Gemengebuet publizéiert ka ginn.
- Opdeelung fir d'Ausdeele vun de Flyeren :
  - Téinten, Buer : Rosie Brandenburger
  - Huelmes, Ansembuerg: Samantha Fernandez, Jordan Pires
  - Brouch: Leo Toum, Jyll Duschinger

  - Béiwen: Lynn Mangen, Lara Georges
  - Bëschdref, Mariendall: Marie Sadler
  - Openthalt, Gréiweknapp, Fënsterdall, Bill: Aloyse Kieffer
- Mir hale fest, dass mir eis als Jugendkommissioun selwer em de Verkaf vum Gedrénks këmmeren.
- D'Marie Sadler informéiert de Responsabele vum Campus Helperknapp (Steve Rollinger) iwwert d'Event Open Air Kino.
- D'Marie Sadler bestellt d'Gedrénks beim Wallers fir den Open Air Kino a reservéiert d'Material bei der Gemeng.
- D'Marie Sadler këmmert sech em Dixien an em d'Luuchte fir den Open Air Kino.
- Op den Owend selwer mat Cash oder mat Bonge bezuelt gëtt, gëtt kuerz virum Event selwer ofhängeg vun der Disponibilitéit vun de Léit déi hëllefen entscheed.
- De Fond de caisse sëtzt sech aus dem Benefice vum Kürbis schnëtzen zesummen. D'Marie Sadler këmmert sech dodrëms.
- Mir decidéieren, dass mir fir den Open Air Kino Snacks organiséieren (Kamellespisser, Chips, M&Ms). D'Rechnunge vun de Kinosnacks sollen un d'Marie Sadler geschéckt ginn.
  - Mir entscheeden eis dofir, dass mir nëmme Freides, fir de Kannerfilm 50 Kamellespizer ubidden. D'Samantha Fernandes këmmert sech dorëms.
  - D'Marie Sadler keeft dräi Chipskëschten Paprika an dräi Chipskëschten Salz a 50 Päck M&Ms.

4. Divers

- D'Spillplazen an der Gemeng ginn am Moment restauréiert. Hei kënnt et zu Retarden duerch Bestellungen déi nach ënnerwee sinn.